PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/03/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.

De 9ten Mäerz ass op RTL.lu en Artikel mat der folgender Iwwerschrëft verëffentlecht ginn: *'Kleng Kanner gi statistesch gesi manner a réischt méi spéit an d'Crèche*"**.** Doran gi vum Minister eng ganz Rei vun Zuelen dozou genannt, wéi vill Kanner ab wéi engem Alter a fir wéi vill Stonnen den Dag an enger Crèche placéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Kann de Minister d'Zuelen, op déi en sech am uewe genannten Artikel bezitt, virleeën?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten